piratepartei
www.piratepartei.lu

# How-to Positiounspabeieren

## Wat ass ee Positiounspabeier?

E Positiounspabeier behandelt ee konkret Thema a beschreift di offiziell Stellung vun der Partei zu dësem Thema. Den Zweck vun engem Positiounspabeier ass et d'Positioun vun der Piratepartei an engem bestëmmten Thema ze definéieren oder méi genau ze beschreiwen. Dës Positioun ass dann offiziell Parteimeenung a ka z.B. Vum Präsidium a Pressematdeelungen oder op Informatiounsveranstaltunge vertrueden ginn. Et gëtt dem Landeskongress och d'Méiglechkeet konkret Fuerderungen ausserhalb vun engem Wahlprogramm ze stellen. Opgrond vun engem Positiounspabeier kënnen awer och Positioune fir an d'Wahlprogrammer erschafft ginn. Positiounspabeieren dierfen net a Konflikt mam Parteiprogramm an eise Grondsätz stoen.

## Wat ass den Inhalt vun engem Positiounspabeier?

Ee Positiounspabeier beschäftegt sech mat enger konkreter Froestellung a formuléiert d'Resultater vun der inhaltlecher Aarbecht. Déi Resultater bestinn a) aus enger kuerzer Duerstellung vum Problem, b) aus der allgemenger Stellung vun der Partei zu deem Thema an c) aus Léisungsvirschléi wéi dat Thema ze behandelen ass.

## Weien Organ hellt e Positiounspabeier un?

Positiounspabeiere gi vum Landeskongress ënnert dem Punkt "Sonstige Anträge" ofgestëmmt.

## Wou ginn d'Positiounspabeiere verëffentlecht?

Ee Positiounspabeier gëtt als PDF ob der Websäit (Kategorie "Positiounen") an um Wiki verëffentlecht.

Wanns Du Dir bei enger Saach net sécher bass oder Froen hues, da kontaktéier direkt de Jerry Weyer op *jerry.weyer@piratepartei.lu*